Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Kooperatiounsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 4777 huet d'Regierung iwwer d'Zesummespill vu klimapolitescher Entwécklungshëllef an Nohaltegkeet ënner anerem dat hei geschriwwen: *D'Nohaltegkeetspolitik konzentréiert sech haaptsächlech op d'Ëmsetzung vum 3. Nohaltegkeetsplang (PNDD) deen sech op 17 Ziler, déi sougenannten SDG (sustainable development goals) vun de Vereenten Natioune baséiert. Zum Aktiounsfeld vum PNDD gehéieren d'Klima, Genderpolitik, d'Energie an de Schutz vun den Ökosystemer*". Zu de potentiellen Ursaache vun zukünfteger Klimamigratioun war ënner anerem dat hei ze liesen: "*ee steigende Manktem u Liewensmëttel a Drénkwaasser esou wéi en allgemenge Réckgang vun der Liewensqualitéit an de wirtschaftleche Perspektiven*". Als Léisung fir dee Probleem huet d'Regierung ënner anerem dat hei virgeschloen: "*Amelioratioun vun den Agrarsystemer, Ënnerstëtzung vun nohalteger Landwirtschaft*".

Den asiateschen Inselstaat Sri Lanka huet rezent eng déifgräifend Regierungskris duerchlieft, nodeems Manifestanten de Presidentepalais gestiermt haten an de Staatschef d'Land huet misse verloossen. Den Ausléiser vun dëse Protester louch an där massiver Präissteigerung bei de Liewensmëttel vun 80 Prozent, déi hirersäits duerch eng Ëmstellung op eng extensiv Landwirtschaft verursaacht goufen, déi der Regierung am Kader vum Kampf géint den anthropogene Klimawandel och vun der UNO recommandéiert gouf.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Kooperatiounsminister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéi séchergestallt ass, datt déi Lëtzebuerger Kooperatiounspolitik Feeler wéi se a Sri Lanka geschitt vermeit an, datt déi Ëmstellung op déi sougenannt "nohalteg Landwirtschaft" op kee Fall zu engem Effizienzverloscht féiert?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten